N°131
Entrée le 22.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°131 vum 20. Dezember 2023 vun der honorabeler Deputéierten Madamm Nancy Kemp-Arendt.**

*Ass sech d'Madamm Ministesch de Gefore fir d'Gesondheet bewosst, déi vun de Nikotin-Säckelcher ausgeet?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ass sech de Gefore vun den Nikotin-Säckelcher fir d'Gesondheet bewosst.

Nikotin-Säckelcher, och nach "nicotine pouches" genannt, sinn een Nikotinproduit déi dem SNUS-Tubak staark gläichen, dëst souwuel an der Présentatioun vum Produit (a klengen Pouchen) wéi och am Mode de consommation, wou d'Absorbtioun vum Nikotin duerch d'Mondschleimhaut geschitt, genee ewéi beim SNUS. De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet rappeléiert dass de SNUS-Tubak an der ganzer EU mat Ausnam vu Schweden, schonns zënter 1992 verbueden ass.

D'Gefor bei Nikotin-Säckelcher ass virun allem op d'Quantitéit vum Nikotin zeréckzeféieren deen an héijen Dosen eng Vergëftung provozéieren kann. Dowéinster muss genee gekuckt ginn wéi d'Pouchen doséiert sinn, virun allem wëll den Nikotingehalt ganz seelen vum Fabrikant kloer op der Verpakung renseignéiert ass.

Besonnesch déi Jonk, bei deenen d'Gehir an de Nervesystem nach net vollstänneg entwéckelt sinn, riskéieren duerch eng fréizäiteg an chronesch Expositioun zum Nikotin eng définitiv Altératioun vun den kognitive Fäegkeeten. Dëse Constat gouf duerch verschidden international Studien beluecht. D'Konsequenzen dovunner sinn dat méi spéit, Konzentratiouns- oder Memoriséierungsstéierungen optrieden kënnen, ënnert anerem och Schwieregkeeten beim Léieren. Doriwwer eraus, wat die Jonk méi fréi zum Nikotin exposéiert goufen, wat si spéider méi susceptibel sinn eng dauerhaft Nikotinsucht ze entwéckelen.

*Deelt d'Madamm Ministesch d'Meenung, datt d'Nikotin-Säckelcher eng Einstiegsdrog kënnen duerstellen?*

D'Nikotin-Säckelcher ginn effektiv oft harmlos duergestallt doduerch dat se an faarwegen Tuten verkaaft ginn déi éischter Kamellen-Tiitercher gläichen an et se an verschiddenen Arome gëtt (fruchteg, mentholéiert etc.) Dobäi kënnt datt hire Präis oft ganz abordabel ass.

Doriwwer eraus ginn oft Échantillon'en op Eventer déi besonnesch vun Jugendlechen besicht ginn verdeelt. Et gesäit sou aus wéi wann dëse Ciblage vun de Nikotinsäckelcher vun de Fabrikanten oder de Verkeefer net un d'Erwuessener déi schonn fëmmen geriicht ass, mee éischter un eng nei Clientèle wéi déi Jonk.

Et leien fiabel an zolitt Étuden vir, déi beleeën, dat de Nikotin an de Säckelcher staark an héich genuch ass, fir de Konsument rapid süchteg ze maachen oder eng Ofhängegheet opzebauen [1] [2], an méi spéit d'Entréesdiir ass, haaptsächlech fir Jonker, eventuell mam Fëmmen unzefänken oder een Astieg an aner Tubaksproduite ze provozéieren.

*Ginn et Statistiken zum Konsum, respektiv zur Vente vun Nikotin-Säckelcher hei zu Lëtzebuerg? Wa jo, wéi gesäit d'Entwécklung an de leschte Joren aus?*

Zuelen zu de Venten zu Lëtzebuerg leien dem Ministère fir d'Gesondheet a sozial Sécherheet aktuell nach net vir.

*Ass zu Lëtzebuerg eng Reglementatioun vun den Nikotin-Säckelcher an absehbarer Zukunft geplangt? Wa jo, wéi kéint des Reglementatioun ausgesinn? Ass e Verkafsverbuet u jonk Leit geplangt?*

D'Regierung wäert am Aklang mat deem wat am noen Ausland op deem Gebitt reglementéiert gëtt gegebenefalls ee legalen Kader ausschaffen.

*Wann jo, bis wéini ass mat enger Entscheedung ze rechnen?*

Aktuell ass nach keen Zäitrahmen festgeluecht ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

---

[1] Beoordeling van het nicotinegehalte in nicotinezakjes waarbij de Acute Reference Dose niet overschreden wordt : https://www.rivm.nl/sites/default/files/2021-11/FO_nicotinezakjes%20tox_20211101_def_anon.pdf
[2] https://www.ncbi.nlm.nih.gov/pmc/articles/PMC3543069/